Saulxures - sur - Moselotte

Mir haten den 10. an 11. Mée 2014 eis Sortie op Saulxures – sur – Moselotte an d´Vogesen programméiert an 25 Memberen vum Flyfishing Club aus Lëtzebuerg woren matgefour an wäerten dës zwee Deg esoubal net méi vergiessen. Schon virun eiser Unrees haten se eis wiesselhaft Wieder mat op den Weë gin an d´Wiederfee aus dem Radio sollt och fir éng Kéier recht behalen mat hirer Prognose. Mir haten beim Wieder mat allem ze din, Sonn, Wollecken, Reen, Wiederen, Knëppelsténg an virun allem ëmmer een kräeftegen Wand deen eis ronderen d´Oueren gebloossen huet, jee vun allem eben ee bëssen. Mée dat huet eis awer net aus der Rouh bruecht ewell mir mat allen Eventualitéiten vun vireran gerechent haten, esou koum et dann och dass eisen Präsident den Jeek nach séier een neit Zelt kaafen wor fir dass jo net eisen Grillowend kéint an d´Waasser faalen an domader luung Hien goldrichtég ewell ouni eisen neien ënner Daach häten mir mat Sécherheet keen esou gesellegen Owend kéinten erliewen. Fir d´Fëscher huet dat wiesselhaft Wieder awer och bedäit dass ganz schwéier Sichtverhältnesser bestaanen hun, dëst zeemols ewou dach bal nëmmen mat drechenen Mécken Fësch gefaangen gin sin. Duurch dat bestäennegt Wiesselspill vun Sonn an Wollecken, verbonnen mat villen Wellen verursaacht duurch den staarken Wand, hun mat sech bruecht dass d´Waasseruewerfläch bestäenneg vun hell op donkel gewiesselt huet an wann een d´Méck net gesin huet op d´Waasser faalen dann wor et ganz schwéier se erëm ze fannen. Mée der Reih no, ewei mir kuurz no 10 Auer op der base de loisir no zwou an éng hallef Stonn Fuerzäit unkomm sin, do woren déi meeschten Memberen schon do an vereenzelter woren schon den Dag virun eiser Sortie ungereest.

Séier woren eis Staangen montéiert an schon ass et bei d´Waasser gaangen. Hei hun mir fir d´éischt eemol den Tour bei d´Kollegen gemeet fir eis mat hiren éischten Andrëck éng Iwwersiicht iwwert Verhältnesser ze vescha afen. Hei sin mir dann och direckt gewuer gin dass et géif schwéier gin, et woren zwar haaptsächlech ganz staark Fësch gefaangen gin, mée duurch déi vill Kongkuren déi och op dësem Séi stattfannen woren d´Fësch esou misstrauesch gin dass et oft virkomm ass dass Sie nëmmen wider d´Méck stoussen gaangen sin an wann een dann ungeschloën huet ass Näischt méi nokomm. Och huet

een bei der Wiel vun der drechener Méck bestäenneg missen d´Muster wiesselen ewell d´Fësch sech sos net verféieren gelooss hun. Hat een dann een Fësch iwwerlëscht dann sin Dës awer ofgaangen ewei Rakéiten an et ass meeschtens bis an den Backing gaangen. Dat huet natiirlech vill Spaass gemeet an bedéngt duurch déi vill Touchen wor et och éng ganz kuurzweileg Fëscherei. Den Bock ofgeschoss hun awer dës Kéier den Eugéne an den Roger, Sie haten sech eent vun den Ruderbooter geléint an sin domader op den Séi eraus gerudert, hei unkomm hun sin een Fësch nom Anneren gefaangen an dat hun mir Hinnen richtég gegönnt, et huet sech och erëm gewisen dass et bei eisen Sortiën nie langweileg gët ewell ëmmer nei Ereegnisser hänken bleiwen déi mir spéiderhin mat eisen Sortiën an Verbindung bréngen, dës Kéier sollt et éng Méck mat dem schéinen Numm "Gurgler" sin déi eis den ganzen Owend iwwer verfollegt huet an déi ouni Zweifel d´Méck vum Dag wor. Et ass bis an den Owend eran gefëscht gin ewell unschléissend stung jo eis Grillade um Plang an den Jeek hat och schon mat Hëllef vum Andy an vum Fränz alles beschtens präparéiert.

d´Grillade vun Saulxures ass schon erleng dowéinst esou beléiwt ewell mir hei kënnen an aller Gemitsrouh een gesellegen Owend verbréngen ouni mussen drun ze denken dass een nach Owes nom fëschen misst Heem fueren. Den Fränz wor eisen Grillmeeschter an Hien huet séng Saach esou gudd gemeet dass keen Wippschen an kéng Kotelett iwwreg bliwwen ass an fir deem Ganzen och nach d´Kroun opzesetzen hun déi besser Halschenten vun eisen Fëscher déi och matkomm woren, eis mat Kuch an Toarten verwinnt bis dass mir bal geplatzt sin. Fir Gedrenks wor natirlech och gesuergt an esou ass et dun natirlech och erëm spéid gin bis mir an d´Bett komm sin. Ewei frouh woren mir awer och dass den Jeek an den Andy präventiv direckt d´Zelt opgeriicht haten ewell géint der Owend huet et séier ungefaangen mat reenen an ewei mir den zweeten Dag Mëttes gegrillt hun dun sin ee puer fatzeég Donnerwiederen mat Knëppelsténg erof gaangen.

Den zweeten Dag sin mir Moies direckt nom Kaffi erëm fëschen gaangen ewoubäi awer och schon virum Kaffi vill Fëscher den Weë bei d'Waasser fond haten. Den zweeten Dag wor d'Wieder an deem Sënn nach méi onbestänneg ewell déi ganzen Zäit Reenschaueren erof gaangen sin. d'Fësch woren awer och den zweeten Dag um Rendez – vous an och hei sin ee puer ganz schéin Fësch gefaangen gin. Jee mir woren bannent deenen zwee Deg ewou mir zu Saulxures woren erëm voll op eis Käschten komm an nodeems mir am leschten Joër eis nach dem schlechten Wieder geschloën gin haten, hun mir dëst Joër eis Sortie, oder soll ech soën eis Grillade, erëm an vollen Zich genoss.